PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Gesetzesprojet 8343

Lëtzebuerg, den 20/12/2023

2

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Mat all Indextranche kritt een 2,5% um Bruttoloun bäi, mee Netto bleiwe keng 2,5% Kafkraaft iwwreg, well eng Persoun mat all Erhéijung méi Steiere muss bezuelen (=kal Progressioun);
- Zënter der leschter Steierreform 2017 sinn aacht Indextranchë gefall a mam Gesetzesprojet 8342 gëtt de Steierbarème vun der Akommessteier ëm véier Indextranchen ugepasst;
- Fir ze verhënneren, dass d'Upassunge Joren ze spéit duerchgefouert ginn, misst de Steierbarème an Zukunft järlech un d'Indextranchen ugepasst ginn.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. an dëser Legislatur ee Gesetzesprojet op de Wee ze bréngen, fir d'Indexéierung vum Steierbarème z'automatiséieren, mam Zil, dass de Barème Ufanks vun all Joer um Stand vum leschten Index um 31.12 ugepasst gëtt.

Sven CLEMENT

Marc Goergen

Polidori Ben